

## „Zesumme spueren – Zesummenhalen“

Nodeems de Schäfferot vun der Gemeng Habscht schonns virun e puer Wochen eng ganz Rei Moosnamen ëmgesat huet fir aktiv Energie anzespieren, gouf den 10. November 2022 am Gemengerot eestëmmege decidéiert, déi ëffentlech Beliichtung vu Plazen a Stroossen, tëschent 1 a 5 Auer moies auszuschalten. Wéinst den néidege Virbereedungsarbechte vun der Creos wäert dëst am **Januar 2023** de Fall sinn. Aus Sécherheetsgrënn hu mer parallel dozou lo schonns d'Police gefrot fir d'Zäit wärend d'Luuchten aus sinn, extra Patrullen an eis Uertschaften ze schécken.

Als Erënnerung fannt Dir hei nach eng Kéier all d'Moosnamen, déi mir als Gemeng geholl hunn am Kader vun der Initiativ „Zesumme spueren – Zesummenhalen“:

### Hëtzes:

- Temperaturbegrenzung an de Gemeengegebäier op maximal 20°C, ausserhalb vun der Benotzung gëtt d'Temperatur méiglechst erofgefuer.
- D'Waarmwaasser gëtt an den administrative Gebäier ganz ausgeschalt.
- An de Schoulen a Sportinfrastrukture gëtt d'Waarmwaasserproduktioun (Boiler) op 55°C limitéiert.

### Elektresch:

- D'Aussebeliichtung vun de Gemeengegebäier bleift owes ausgeschalt (ausser Sécherheetsbeliichtung).
- D'Chrëschtbeliichtung gëtt staark limitéiert respektiv net installéiert, deemno wéi d'Situatioun sech entwéckelt.
- D'Beliichtung an de Gebäier an elektronesch Material ginn owes systematesch ganz ausgeschalt (kee Stand-by).
- D'Beliichtung vun de Sportsinfrastrukturen (bannen a baussen) gëtt op déi aktiv Benotzungszäite begrenzt an no Training oder Match ausgeschalt.
- Ëffentlech Beliichtung vu Plazen a Stroosse gëtt tëschent 1 a 5 Auer moies ausgeschalt (Januar 2023).

Mir encouragéiere jiddereen och doheem an op der Schaff mat ze spieren, fir dass mer besser a méi sécher zesummen duerch de Wanter kommen. All ausgeschalt netwesentlech Beliichtung entlaascht eis Netzwierker an all manner gehëtzte Grad spuert Suen.

#zesummespueren #zesummenhalen #echmaachemat #energiespueren #KlimaAgence

## „Zesumme spueren – Zesummenhalen“ - Économiser l'énergie pour un hiver sûr

Après avoir mis en place toute une série de mesures pour économiser activement de l'énergie, le conseil communal a décidé unanimement dans sa séance du 10 novembre 2022 d'éteindre l'éclairage public des places et des rues entre 1 et 5 heures du matin. À cause des interventions nécessaires de la part de Creos, l'extinction de l'éclairage sera réalisée en **janvier 2023**. Pour des raisons de sécurité, la police a confirmé d'envoyer des patrouilles supplémentaires dans nos villages, pendant les horaires d'extinction de l'éclairage public.

Pour rappel, vous trouverez ici encore une fois toutes les mesures que nous avons prises en tant que commune dans le cadre de l'initiative «Zesumme spueren - Zesummenhalen».

### Chauffage:

- ✓ Limitation de la température dans les bâtiments communaux à 20°C maximum, en dehors des plages d'utilisation, la température est abaissée au minimum nécessaire.
- ✓ Coupure de l'eau chaude dans les bâtiments administratifs.
- ✓ Dans les établissements scolaires et sportifs, limitation de la production d'eau chaude (chaudière) à 55°C.

### Électricité:

- ✓ Eclairage extérieur des bâtiments communaux éteint le soir (sauf l'éclairage de sécurité).
- ✓ Illumination de Noël réduite, respectivement il y sera renoncé selon évolution de la situation.
- ✓ L'éclairage dans les bâtiments et les équipements électroniques systématiquement éteints complètement le soir (pas de stand-by).
- ✓ Eclairage des infrastructures sportives (Hall sportif et terrains) limité aux heures d'utilisation active et éteint après les entraînements ou les matchs.
- ✓ Extinction de l'éclairage public des places et des rues entre 1 et 5 heures du matin (janvier 2023).

Nous vous encourageons tous à participer aux efforts d'économie d'énergie à domicile et au travail, pour parer en sérénité la période hivernale. Chaque éclairage non essentiel éteint déchargera les réseaux et chaque degré chauffé en moins permettra de faire des économies.

#zesummespueren #zesummenhalen #echmaachemat #energiespueren #KlimaAgence